N°1903
Entrée le 06.02.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 06.02.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 06/02/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Wirtschaft weiderzeleeden.**

Déi lescht Joren huet den Online-Commerce staark zougeholl, mat engem besonnesche Wuesstem vu Bestellungen aus Drëttlänner. An Däitschland hu Kontrollen am September 2024 gewisen, dass bei 62% vun de kontrolléierte Päck d'Konformitéit mat den EU-Standarden net direkt konnt festgestallt ginn. Dëst weist op méiglech Problemer bei der Importkontroll hin.

Am Kontext vun ongeféier 14-15 Millioune Päck, déi all Joer zu Lëtzebuerg verdeelt ginn, ass et wichteg ze verstoen, wéi vill Päck genee aus Drëttlänner kommen a wéi eng Kontrollmechanismen zu Lëtzebuerg besti fir d'Konformitéit mat den EU-Normen ze garantéieren.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill vun de 14-15 Millioune Päck, déi zu Lëtzebuerg verdeelt ginn, kommen aus Drëttlänner, aus der EU a vun nationale Commercen?
2. Wéi verdeelt sech dat op déi eenzel Importkanäl - Loft, Zuch, Stroossentransport?
3. Wéi vill Kontrolle goufen an de leschten 3 Joer vu Päck aus Drëttlänner duerchgefouert a wéi eng Resultater hunn dës Kontrollen erginn?
4. Wéi eng Moossnamen an Zesummenaarbecht besteet tëscht der Douane, der Post an de private Courrier-Servicer, fir d'Konformitéit vun importéierte Wueren ze kontrolléieren?
5. Wéi héich schätzt de Minister de wirtschaftlechen Impakt vun Net-EU-konforme Wueren op de lëtzebuergesche Commerce?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Deputéierten